



Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2026

Léif Alleguer,

Heimat wëlle mir lech op Materialien (och ganz Neits, wat mir elo um Responsabelsowend virgestallt hunn), besonnesch fir Massendénger, opmierksam maachen:

- E kreatiivt **Ausmolbuch**, an deem d'Kanner d'Welt vum Massendéngscht entdecken! D'Billen weisen déi verschidden Aufgabe vun de Massendénger: virun der Mass, während der Mass, no der Mass, bei verschiddene Sakramenter a beim Begriefnes.

Format: A4 (32 Säiten)

Präis: 5 € / Ausmolbuch



- „**Handout**“ – **Den Oflaf vun der Mass op ee Bléck:**
E praktesche Begleeder am A4-Format – net just fir Massendénger, mee fir jiddereen, deen d'Mass matfeiert!

Baussen: Den Oflaf vun der Mass mat enger kuerzer Erklärung zu den eenzelne Massdeeler.

Bannen: Déi wichtegst Grondgebieder aus der Mass.

Aktuell a 4 verschidde Sproochen disponibel: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Portugiesesch


Präis: 10 € fir 15 Falblieder





- **Buch: Advent – Zingulum. ABC fir Massendénger**

Dat aktualiséiert Handbuch vun de Lëtzebuurger Massendénger ass e praktesche Begleeder fir all Massendénger a Responsabel. Op **110 Säiten** am handleche A5-Format gëtt an 12 Kapitele viles ronderëm d'Kierch, d'Liturgie, de Massendéngerdeingscht an d'Kierchejoer einfach an illustréiert erkläert. Quizfroen, Rätselen, kreativ Aktivitéiten an en Dictionnaire a fënnel Sprooche maachen d'Buch zu engem informativen an ofwieslungsräiche Begleeder fir de Massendéngscht. **Präis: 15 €**



- Viru ville Jore gouf d'**Tarcisiuskräiz** vum franséischsproochege Grupp vum CIM (Coetus Internationalis Ministrantium), wou mir jo Member sinn, erausbruecht. Dëst Kräiz hu mir nach an enger klenger Zuel vun 20 Stéck an der Zentral op Stock – dono wäert et dëst Kräiz net méi ginn. Maacht lech also bäi, wann Dir der nach wëllt/braucht. **Präis: 12 €**. Dimensioune vum Kräiz: Héicht: 6,9 cm / Breet: 6,5 cm / Déift: 0,6 cm / Gewiicht: 90 g Material: Koffer (patinéiert).



- **"Ministranten-Plackette"** erausgi vun der afj (Arbeitsstelle für Jugendseelsorge der Deutschen Bischofskonferenz). D'Plackett ass bronzefaarwen, huet eng dënn Schnouer an och d'Motiv vum hellegen Tarcisius drop. Wéi d'Plackett genee op béide Säiten ausgesäit, kënnt Dir hei drënner un de Fotoe gesinn. Gréisst vun der Plackett : +/- 6 x 6 cm. **Präis: 10 €**





- **“Mini-Plus” – en Handbuch (op Däitsch)** erausginn vun der afj (Arbeitsstelle für Jugendseelsorge der Deutschen Bischofskonferenz)
Dës Broschür (**46 Säiten**) ass ganz besonnesch fir déi nei, méi jonk Massendénger geduecht. **Präis: 3,50 € / Broschür**



- **Tarcisiusfigur** vu “Little Drops of Water” – **Präis 10 € / Figur**
- **“Consolatrix Afflictorum”** vu “Little Drops of Water” – **Präis 13 € / Figur**
- **Willibrordfigur** vu “Little Drops of Water” – **Präis 13 € / Figur**



- Eis **Tarcisius-Broschür (128 Säiten)** mat folgenden Theemen:
„Historisches aus verschiedenen Quellen / Legenden – Erzählungen – Literatur / Liturgie: Messen, Gebete, Lieder, Szenenspiele / Kreatives / Tarcisius in der Erzdiözese Luxemburg“
Präis: 10 € (als “Participatiounspräis” un den Drockkäschten)



Dir kënnt Är Commande bei eis ofhuelen (an der Stad, zu Miersch an deemno wéi och soss am Land – do maache mir da ganz individuell e Rendez-vous aus).

Gären dierft Dir **an d'Massendéngerzentral** kommen, fir lech d'Material unzekucken – mir hunn och nach e puer vun eise Massendéngerspiller, Tarcisiuskräizer, Tarcisiusfiguren an nach “Dubletten” vu Massendéngermaterialie fir lech. Kommt einfach bei eis op Rendez-vous an d'Massendéngerzentral (Centre Convict, Bloc A, 2. Stack): Fäert net, fir eis besichen ze kommen – mir si fir lech do a lauschteren lech och gär no.

Bescht Gréiss aus der Massendéngerzentral

Lëtzeburger Massendénger – Centre Convict - 5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg
Tel.: (+352) 44 743 243 massendenger@cathol.lu
<https://cathol.lu/massendenger> LU41 0028 4101 1668 9900 (BILLULL)



Bestellfiche / fiche de commande

Numm/nom : _____

Virnumm/prénom : _____

Adress/adresse : _____

L- _____

Mailadress/adresse e-mail : _____

Telefon/téléphone : _____

Bestellung/commande :

_____ *Ausmolbuch: 5 € / Buch*

_____ *Handout – Den Oflaf vun der Mass op ee Bléck:*

15 Stéck fir 10 €

Opdeelung: _____ Lëtzebuergesch

_____ Franséisch

_____ Däitsch

_____ Portugisesch

_____ *Advent – Zingulum. ABC-Buch: 15 € / Buch*

_____ *Kräiz mam Hl. Tarcisius: 12 € / Kräiz*

_____ *“Ministranten-Plackette” (béidsäiteg bedréckt):*

10 € / Stéck



_____ *"MiniPlus" fir 3,50 € / Bichelchen*

_____ *Tarcisiusfigur vu "Little Drops of Water": 10 € / Figur*

_____ *Consolatrix vu "Little Drops of Water": 13 € / Figur*

_____ *Willibrord vu "Little Drops of Water": 13 € / Figur*

_____ *Consolatrix a Willibrord vu "Little Drops": 25 € / Set*

_____ *Broschür vum Hl. Tarcisius fir 10 € / Broschür*

Ënnerschrëft / signature : _____